



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/12/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.**

Zanter Jore weisen net nëmmen d'Patientevertriebung asbl, mee och ganz vill direkt betraffe Leit, op déi zum Deel akut Problemer hin, déi et am Beräich vum net urgente Krankentransport ("transport en ambulance hors urgence") gëtt.

Et geet, ënner anerem, riets vu komplett iwverdeierten Tariffer a vun enger ganz inkonsequenter, well eben net reglementéierter, Tarifikatioun. Heiansdo bezilt ee fir eng Faart aus engem Stater Altersheim bis an de CHL 140 Euro. Eng aner Ambulanz kënnt vu ganz wäit hir ugefuer a verrechent da fir en 2 Kilometer kuerzen Tripp knapps 100 Euro. Et ginn och Fäll, wou bannent dem selwechte Stater Quartier 90 Euro verrechent ginn. An de parlamentaresche Froen n°2728, 1740 an 1347 gouf schonn op déi horrend Rechnungen agaangen. Déi Leit, ëm déi et hei geet, si fragil Patienten, déi op de Krankentransport vun A op B ugewise sinn.

Wat d'Tariffer vun de Privatambulanz betréift, hunn d'Ministère geschriwwen, dass d'Gesondheetskeess keng Handhabung op d'Beträg huet,

*"déi vun den Transportfirmaen dierfen a Rechnung gestalt ginn. Eng Erhéijung vum Remboursement vun der Gesondheetskeess bedeit also net dat d'Käschte vum Patient erof ginn. Dës kann sech awer ännere wann de legale Kader mat de Norme bis steet."*

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi wäit sinn d'Aarbechten um Gesetzesentwurf zënter 2020 fortgeschratt?
2. Wéini soll een Avant-Projet de Loi an de Regierungsrot kommen?
3. Wat fir grondsätzlech Verbesserungen si virgesinn?
4. Wéi eng Verbesserung vun den CNS-Tariffer ass virgesinn?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

5. Wat ass du Point de vue Qualitéitskontroll virgesinn, fir datt eis jonk an al Leit an Zukunft “dans des conditions optimales de confort, de sécurité et d’hygiène” kënnen transportéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc

Député

